# Infoblat N°15/2023

MEE 2023

bigs@pt.lu www.bigslu.net

CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

BIGS

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM

association agréée dans la protection de la nature





version française sous bigs.lu

Pressekommunique MEE 2023

## BIGS, Mouveco sud Natur&Ëmwelt Suessem huelen Stellung !

Ufank Mäerz vun dësem Joer hunn de Bauteminister an d'Ëmweltministesch der Press erkläert, et giff un enger alternativer Variant fir de Contournement de proximité geschafft gin, fir d'Natura-2000-Zone an de Bobësch tëschent Suessem a Käerjeng ze schützen.

Elo gëtt déi „nei Variant" awer nees zu Käerjeng a Fro gestalt. De Bauteminister huet op enger ëffentlecher Versammlung deklaréiert, all Optioune wiere nach op, de Regierungsrot misst (warscheinlech no de Gemengewalen!) decidéieren.

*(weider op Säit 2)*

## Contournement vu Käerjeng

**Mir encouragéieren de Bauteminister an d'Ëmweltministesch op hirer neier Schinn ze bleiwen an alles Méigleches ze maachen, fir dass d'Natura-Zone an de Bobësch net touchéiert ginn!**

**Den 23. Mee ass den Minister Bausch mat 3 Beamten de Bobësch besiche komm ! Hätt hien eis Bescheed ginn, hätte mer hien gären begréisst a begleet !**

**Avis Commodo-Incommodo KRONOSPAN Säit 3**

**E kuerze Réckbléck**

No villem hin an hier hat sech de Regierungsrot de 29.07.2016 fir d'Variant 2 vum Contournement, duerch d'Natura-2000-Zone an duerch de Bobësch, entscheet.

D'Suessemer Gemeng, zesumme mam Aarbechtsgrupp „Contournement", hat eng grouss ugeluechten Opklärungscampagne géint déi Variant gefouert an ass de 26.10.2016 a Recours géint déi éischt Decisioun gaangen. D'Gemeng ass deemools vum Geriicht ofgewise ginn, net um Fong, ma well se ze fréi war.

De 17.07.2018 ass an der Chamber e Finanzéierungsgesetz vum Contournement mat 56 Jostëmmen ugeholl ginn. Haaptargument waren déi héich Nox-Wäerter, déi – 2011 mat net EU-homologéierte Miessapparater gemooss - iwwert dem Grenzwäert waren, déi d'WHO (Weltgesondheetsorganisatioun) festgeluecht hat (40 µg/m3).

An der Chamber sinn deemools esouguer falsch Wäerter vun 80 µg/m3 genannt gi – also dat Duebelt vum Grenzwäert.
De Suessemer Gemengerot huet e puer Deeg drop, den 20.07.2018, decidéiert als Gemeng net a Recours ze goe wann den definitive Projet da sollt vun der Ëmweltministesch geneemegt ginn. 2 Haaptargumenter waren ausschlaggebend: 1. déi annoncéiert héich Nox-Wäerter an 2. en avis juridique sommaire vun der Gemeng hirem Affekot, dass elo kaum juristesch Chancë nach viru Geriicht géinge bestoen. Am Gemengerot selwer waren se sech dora net eens.

**D'Verkéierssituatioun haut**

D'Zweegleisegkeet vun der Péitenger Zuchstreck an d'Stad an och d'Gratuitéit vum Ëffentlechen Transport hunn dozou bäigedroen, dass haut 2 bis 3 mol méi Leit den Zuch fir an d'Stad benotzen an dofir de Privatauto stoe loossen.

Virun e puer Wochen ass dat grousst Parkhaus op der Rodanger Gare (virgesi sinn 1.600 Parkplazen) opgaangen, wat vill Frontalieren notze fir vun do aus mam Zuch weiderzefueren, wat eng considerabel Entlaaschtung am Stroosseverkéier bréngt.

Och eis Autoe sinn an der Tëschenzäit technesch esou weiderentwéckelt ginn, dass se manner Ofgasen ausstoussen. Net ze vergiessen d'Elektromobilitéit. Et gëtt méi am Homeoffice geschafft. De Carsharing fänkt och esou lues un als Alternativ vun deene Jonke genotzt ze ginn. D'Installéiere vun Intelligente Luuchten an eng prioriséiert Busspuer zu Käerjeng, wéi vum Mobilitéitsministère zënter Jore versprach, géingen eng weider substantiell Entlaaschtung bréngen.

Et ass e neie Plan de mobilité, de PNM 2035, ausgeschafft ginn, dee virun allem op d'Erweiderung an d'Verbesserung vum Ëffentlechen Transport setzt. D'Verbindung iwwert d'A13 an d'A4 an d'Staat soll verbessert ginn, op eng weider Contournements-Transitstreck an d'Stad em Dippech a Schuller soll verzicht ginn.

D'Nox-Wäerter si glécklecherweis zu Käerjeng massiv zréckgaangen. Säit der Installéierung vun der fester, vun der EU homologéierter Miessstatioun bei der Brauerei 2016, hate mer en duerchschnëttleche Jores-Mëttelwäert 2018 vun 42 µg/m3 (a net 80), 2019 - 38 µg/m3 ; 2020 - 29 µg/m3 , 2021 - 27 µg/m3 , 2022 - 25 µg/m3 an d'Moyenne vun de 4 éischte Méint dëst Joer läit bei 23 µg/m3.

Am Fong sinn déi vun der Gemeng Suessem an aneren Acteuren um Terrain virgeschloe Moossnamen aus der sougenannter 0+-Variant am gaangen ze gräifen an d'Argument vun den héije Wäerter ass hifälleg, glécklecherweis och fir déi Käerjenger Leit.

**Klima a Biodiversitéitskris**

Ëmweltpolitesch huet d'Situatioun, wat de Klimawandel, de Verloscht vun der Biodiversitéit an d'Versigelung vum Buedem, souwéi d'Verschlechterung vun der Loftqualitéit duerch d'Industrie ugeet, sech weider verschlechtert. Virun allem hei am Süde musse mer ferm d'Brems zéien. Mer wëssen och, dass al, lokal a wäertvoll zesummenhänkend Bëscher weder kuerzfristeg nach mëttelfristeg ze kompenséiere sinn.

Den „Observatoire de l'Environnement Naturel" schléit Alarm wat de Verloscht vun der Biodiversitéit hei am Land ugeet. De Biergerrot an de Klimabiergerrot hunn d'Erhale vun eise Bëscher als eng vun de Prioritéiten an hirem Avis zum PNEC (Plan national de l'Energie et du Climat) festgehalen.

**Wéi huet den Dossier op juristeschem Plang evoluéiert?**

Am Juli 2022 huet d'Ëmweltministesch en avis juridique ugefrot. Do gëtt festgehalen, dass bei engem Recours zbsp. vun der Gemeng Suessem, oder aneren Intresséierten, géint de Bauprojet, haut d'Chancë fir duerchzekomme schlecht fir de Stat stengen. D' "raison impérative d'intérêt public majeur" déi 2016 festgehale gi war, fir en Deel vun enger Natura2000-Zone kënnen ze zerstéieren, gelt net méi well haut aner Loftwerter gemooss ginn. D'Regierung brauch zouverléisseg an aktualiséiert Date fir eng nei Entscheedung ze begrënnen a si muss och den Ëmweltimpakt consideréieren.

**2023 #Bobibleift#**


Mir sinn als Biergerinitiativ an Ëmweltorganisatiounen op fir nohalteg a sënnvoll Proposen ze diskutéieren déi eng Verbesserung vun der Verkéierssituatioun bréngen an eis Naturzonen a Bëscher net weider schiedegen, wäerten eis awer och weider ze wiere wëssen.

**De Bobësch muss och geschützt a klasséiert ginn als Natura-2000-Zone !**

# Avis vun der BIGS

## «Enquête Commodo-Incommodo No dossier 1/21/0622 KRONOSPAN Luxembourg S.A.»

Bedreiwen vun enger Verbrennungsanlag zur Verwertung vu geféierlechem Offall an der zäitweileger Lagerung a Behandlung vun deem Offall, rue Gadderscheier, Zolwer.



Wéi och schonn am November 2022 hu mir als BIGS asbl den Dossier vun der Firma KRONOSPAN ënnert Lupp geholl an en Avis negatif dozou formuléiert.

Als Resumé kann een folgend Feststellungen zréckbehalen:

- Den Dossier war ganz technesch an esou zerstéckelt, dass et onméiglech war fir eng Gesamtaschätzung vun der Belaaschtung duerch dat alt Wierk an déi nei Installatioune ze maachen. Fir den Impakt op Natur a Mënsch kënnen anzeschätzen muss een awer de Projet an senger Ganzheet kucken.

- Déi säit dem Bedreiwen vu KRONOSPAN bestoend Problemer wéi Kaméidi, Stëpps a Gestank si nach ëmmer net zefriddestellend geléist an dat ass fir eis awer eng Bedingung déi als éischt misst erfëllt ginn, éier un en Ausbau ka geduecht ginn (idem avis November 2022).

- Vu déi grouss Envergure (eiser Meenung no iwwerdimensionéiert fir eis Géigend) vun deem Ausbau hu mir eis gefrot ob d'Konformitéit zu dem PSP "plan sectoriel paysage", de grousse Line vum PNM 2035* (Mobilitéistplang), zum neien PDAT (plan directeur de l'aménagement du territoire) an zum PNEC (plan national de l'énergie et du climat) gepréift gi wier.

- Ënneraanerem soll wéinst dem zousätzlechen Verkéiersopkommes vun 50.000 Camions (aktuell ginn schonn 70.000 Camionsbewegunge pro Joer gezielt) also praktesch enger Verdueblung vum Camionsverkéier (deen aus engem Radius tëschen 300 – 500 km kennt), soll en weideren Accès iwwert den CR175 (Suessem/Nidderkuer), also duerch e Wunngebit, de Verkéier „drainéieren". Dat ass fir eis inakzeptabel !

- Mir sinn der Meenung, dass elo schonn direkt déi versprachen Zuchgleiser mussen ugeluecht ginn fir op mannst en Verhältnis vun 75% Schinn an 25 % Strooss ze kréien.

- Net zulescht sinn déi zousätzlech CO2 Belaaschtung vun geschätzten 21.987 T/Joer net mat den Klimaziler déi sech eis Regierung gestallt hunn ze vereenbaren.

- Fir déi ëmmer nach bestoend Problemer vu Kaméidi, Stëpps a Gestank ze léisen geet et net duer, de Kamäin einfach vun 40 op 55 m ze erhéijen. Déi néideg Filteren, eng méi performant Berieselungsanlag an iwwerdeckten Hangaren mussen parallel installéiert ginn.

Déi zwee Avise, de vum November 2022 an de vum Mee 2023, vun der BIGS fann dir ënnert:

*https://www.bigs.lu/kronospan*

* Och wann de PNM 2035 nach kee Gesetz ass, esou sinn dach awer déi grouss Linne schonn an der Planung.

# Finanzen

Am Aktivitéitsbericht vun der Generalversammlung vun der BIGS vum 16. Mäerz 2023 an der «Brasserie du Boulodrome» goufen Fraisen vir Geriichtskäschten emol opgeläscht, déi d'BIGS bis elo a Saache Contournement geleescht huet. Vun 2021 un bis elo sinn dat iwwert 46.000 €. (www.bigs.lu). De Moment warde mer op en Uerteel an der Affär „Wëldbréck".

Eis finanziell Méttele bestinn zum grousse Deel aus Doen, Aktiounen an Membersbeiträg. All Euro gëtt fir de Recours géint déi aktuell Variant vum Käerjenger Contournement gespuert.

Mir soen all eisen Donatricen an Donateuren, Memberen a Sympathisant.inn.en e grousse MERCI fir hiert Vertrauen an hoffen och nach weiderhi kennen déi bevirstoend Fraisen ze meeschteren.

D'BIGS bleiwt weiderhin aktiv am Contournement-Dossier ma dat geet just mat der Solidaritéit vun iech all. Kuckt w.e.g ob der är Kotisatioun fir 2023 scho regléiert hutt.

Mir bleiwen um Ball !

**#deBobëschbleift#**

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

**carte membre 10 €**

**solidarité**

#fir de besch

**Collecte de fonds**
pour financer le **RECOURS**
pour la **préservation** de la
**ZONE-NATURA-2000**
**Zämerbësch/Bobësch**

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**




**Nächsten R-V mat der BIGS ass um Zolwermoart den 17. Juli beim Artikuss!**

## www.lets-save-energy.lu

- Op dësem Site fënnt ee vill interessant Adressen an Infos iwwert déi verschidde Primen déi et am Beräich Energiespuere gëtt a villes méi.
- Beim Service Écologique vun der Gemeng Suessem kann een e gratis Energiespuer-Kit siche goen. An deem Kit sinn 9 Outils dran, déi een am Haushalt gebrauche kann, fir Elektresch a Waasser ze spueren an ondicht Fënsteren an Dieren ofzedichten.







